

Et gëtt aner Iddien, déi gemaach gi sinn, an ech géif lech bieden, dem Här Mosar seng Motioun, déi selbstverständlech Mériter huet, esou ze begräifen, dass dat keng zoue Motioun ass, mä dass een och iwwert alleguer déi aner Pisten, déi genannt gi sinn, soll nodenken.

D'Regierung liest jiddferfalls d'Motioun duerch. Ech weess och, dass den Auteur vun der Motioun se esou wollt verstane wëssen, wéi den Här Krecké se a senger Interventioun erweiert huet.

Merci.

M. le Président. - Et freet den Här Henckes d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Motioun geet an dee Sënn eran, wou ech schonn eng Question parlementaire gestallt hat virun engem Mount.

(Interruptions)

Dat ass nun eben esou.

Une voix. - Dir sidd Ärer Zäit ëmmer viraus!

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Ech gesinn, datt dat eng berechtigt Suerg ass. Déi Pist, déi hei opgedroen ass, dat ass eng.

(Interruptions)

Mir selwer wäerten och eng Proposition de loi erabréngen, fir ze kucken, wéi mer onse Betriber kënnen entgéintkommen. Ech wier frou, wann alleguer déi Propositionen, déi an déiselwecht gutt Richtung ginn, datt déi kënnte berücksichtegt ginn. Mä dofir wäerte mer ons och bei dëser Motioun enthalen, mat der Bemierkung, datt ons Proposition de loi méi wäit geet.

(Hilarité et interruptions)

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Nodeem wat den Här Finanzminister elo gesot huet, wat mer alles missten dra liesen, wat awer net dra steet, sinn ech der Meinung, dass een au même titre wéi déi aner Saachen dat hei soll elo an d'Finanzkommissioun verweisen.

Dann ass keen Zweifel méi drun, dann hu mer Zäit fir driwwer ze schwätzen. Au même titre wéi all dat anert. Well, et deet mer Leed, ech liesen net alles dat do dran. Et ass nëmmen een Element, an dofir wier ech frou, dass dat d'selwecht géing behandelt gi wéi dem Här Bausch seng, an och anerer, da schwätze mer an der Finanzkommissioun driwwer.

Une voix. - Très bien.

M. le Président. - Den Här Bausch freet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Här President, ech si frou, datt sech esou vill Suerge gemaach ginn ëm meng Iddi, déi ech lancéiert hu virun e puer Wochen.

Ech muss awer allerdéngs soen, den Här Haupt hat...

(Interruptions)

...scho virdru mat mer geschwat, an ech hat eigentlech zwar och dee Passus, deem hei steet, à savoir

"l'encouragement des particuliers à l'investissement économique en-dehors des structures classiques de l'épargne bancaire", esou verstan.

Ech hunn awer elo, mat all deene Varianten, déi hei proposéiert gi sinn, kee Problem, mech an déi anzefügen. Sief et, datt mer dat hei an der Finanzkommissioun nach eng Kéier diskutéieren, oder hei och ofstëmmen. Ech ka mat alle Variante liewen, vu que datt et jo awer zimlech kloer ass, datt all Varianten, dat heescht inklusiv och déi, déi ech gemaach hunn, mat sollen analyséiert ginn.

(Interruption)

M. le Président. - Den Här Krecké proposéiert, fir se un d'Finanzkommissioun ze verweisen. Ass dat d'Meenung vun der Chamber?

Wien ass do derfir?

(Interruptions)

M. Laurent Mosar (CSV). - Jo. Ech wollt do nach dobäi soen, datt ech jo virdrun och a menger Interventioun déi Iddi vum Här Bausch begréisst hunn, ech och guer kee Problem hunn, datt an déi Iwwerleeungen, déi ech hei an där Motioun gemaach hunn, och nach aner Iwwerleeunge mat erakommen. Do hunn ech wéi gesot kee Problem. Mä wann awer elo hei verschidde Fraktiounen wënschen, datt mer dat solle fir d'ëischt an d'Finanzkommissioun ginn, kann ech och als Auteur vun der Motioun domadder liewen.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Ass d'Chamber domadder d'accord mat där Proposition?

Deen d'accord ass, deem ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Ech stelle fest, dass d'Chamber eenheitlech dofir ass, fir se un d'Finanzkommissioun ze iwwerweisen.

Dir Dammen an Dir Hären, da wier dee Punkt do ofgeschloss, a mer kéimen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4780 iwwert déi direkt Steieren an de Code des assurances sociales.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et sinn ageschriwwen bis elo: déi Häre Krecké, Graas, Henckes, Bausch a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

3. Projet de loi 4780 modifiant certaines dispositions en matière d'impôts directs et complétant le code des assurances sociales

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4780, dee

verschieden Ännerungen um Niveau vun den direkte Steieren a vum Code des assurances sociales virgesäit, ass folgendermoosse motivéiert: Et ass de Wëllen, fir d'Gesetzgebung iwwert d'Akommessteuer a Konformitéit mat der Jurisprudenz vum Europäesche Gerichtshaff ze setzen.

Um Niveau vum Impôt sur la fortune geet et drëm, fir de Passage zum Euro ze erlichten.

Weiderhi gëtt de Krees vun deene Persounen définiert, déi der Contribution dépendance sur certaines Pensions et sur le Patrimoine ënnerleien.

Schlussendlech gëtt den Artikel 115 vum Gesetz iwwert den Impôt sur le revenu op zwee Punkten ëmgeännert.

De Gesetzesprojet, deem duerch de Finanzminister ausgeschafft ginn ass, ass de 23. Februar 2001 an der Chamber déposiert ginn. Dësen Text ass aviséiert ginn duerch de Statsrot, d'Chambre du Travail, d'Chambre des Métiers, d'Chambre du Commerce, d'Chambre des Employés privés an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics.

D'Finanzkommissioun vun der Chamber huet sech an dräi Sëtzunge mam Projet a mat deene verschiddenen Avisa beschäftegt. An deem Kontext huet si zwee Amendementer adoptéiert.

Wat de Volet Akomessteuer ugeet, wëll ech elo op d'Retroakte vum Gesetzesprojet agoen. An der Affär "Zurstrassen" goung et ëm e belsche Statsbierger, deem hei zu Lëtzebuerg schafft a wunnt an deem seng Fra an d'Kanner awer an der Belsch wunnen. D'Lëtzebuerger Steierverwaltung huet dem Här Zurstrassen de Benefiss vun der Imposition collective refuséiert. Doropshin huet hie virum Verwaltungsgericht geklot. Dat Gericht huet d'Cour de Justice des Communautés européennes mat enger "Question préjudicielle" saiséiert.

(M. Jean Asselborn prend la Présidence)

An engem Arrêt vum 16. Mäerz 2000 huet den Europäesche Gerichtshaff vu Lëtzebuerg Folgendes decidéiert. Ech zitéiere just dee wichtigste Passage: "L'article 48, paragraphe 2, du traité CE, devenu après modification article 39, paragraphe 2, et l'article 7, paragraphe 2, du règlement CEE 1612/68 du Conseil, du 15 octobre 1968, relatif à la libre circulation des travailleurs à l'intérieur de la Communauté, s'opposent à l'application d'une réglementation nationale qui, en matière d'impôt sur le revenu, soumet le bénéfice de l'imposition des conjoints non séparés, ni de fait ni en vertu d'une décision de justice, à la condition qu'ils soient tous deux résidents sur le territoire national et refuse l'octroi de cet avantage fiscal à un travailleur résidant dans cet Etat, dans lequel il perçoit la quasi-totalité des revenus du foyer, et dont le conjoint réside dans un autre Etat membre."

Dës Décisioun huet also d'Steierlégislatioun, wéint hirem diskriminatoresche Charakter, als net kompatibel

mam europäesche Recht erkläert. D'Konsequenz dovun war, datt eis Regierung obligéiert war, verschidden Artikelen vum bestehende Gesetz ofzeännere. Dës Ofännerunge bréngen mat sech, datt d'Gesetz erëm konform zur europäescher Jurisprudenz gëtt.

De Gesetzesprojet mécht een Ënnerscheed, wann de Rescht vun der Famill vum Steuerzueler an engem Land leeft, mat deem Lëtzebuerg eng Convention fiscale huet oder esou eng Konventioun net huet.

Wann de Rescht vun der Famill an engem Land leeft, mat deem Lëtzebuerg esou eng Convention fiscale huet a wann de Conjoint, deem zu Lëtzebuerg schafft, während dem Weekend bei seng Famill an d'Ausland geet, da gëtt de Conjoint momentan als Contribuable non résident behandelt. Hie ka vun der Steuerklasse 2 profitéieren, wann op d'mannst 50% vun de professionellen Revenuen vum Stot ee Lëtzebuerger Origine hunn. Wann hien dann eng Demande mécht, da kann en als Lëtzebuerger Résident assimiléiert ginn an dat ënnert der Bedingung, datt hien zu Lëtzebuerg besteuert ass fir op d'mannst 90% vu sengen beruflechen Revenuen. Dat si mat Sécherheet déi häfegst Fäll, well Lëtzebuerg mat all sengen direkte Nopeschlänner eng Convention fiscale huet.

A méi exceptionellen Hypothesen, dat heescht, wann de Steuerzueler net assimiléiert un ee Contribuable non résident gëtt, an dat en application vum neien Artikel 2 vum Akommenssteiergesetz, da kann e vun der Imposition collective profitéieren, wann en op d'mannst 90% vun de Revenuen vum Stot zu Lëtzebuerg realiséiert.

De Statsrot war där Meenung, datt de leschte Prinzip, deem d'Regierung proposéiert, an den Artikel 3 vum Akommenssteiergesetz ze schreiwen, datt deem duerch geet, fir d'Diskriminatioun ze eliminéieren a fir konform zum Droit communautaire ze sinn.

De Statsrot war och där Opfaassung, datt den Artikel 2 vun deem selwechte Gesetz, deem d'Notioun vum Contribuable non résident définiert, net geännert brauch ze ginn. D'Finanzkommissioun huet dës Meenung gedeelt.

Um Niveau vum Artikel 3 vum Akommenssteiergesetz waren de Statsrot an d'Kommissioun där Meenung, datt nëmmen déi professionell Revenuen a Betracht gezu ginn, fir ze kucken, ob de Seuil vun 90% vum Total vun de Lëtzebuerger an auslännesche Revenuen erreecht ass.

Domat ass de Bénéfice vun der Imposition collective laut der amendéierter Versioun vun der Finanzkommissioun u véier prinzipiell Konditiounen geknëppt. Éischtens dierfen d'Epouxen en fait net separéiert sinn, zweetens muss de Contribuable résident am Luxembourg op d'mannst 90% vun deene professionellen Revenuen vum Stot hei zu Lëtzebuerg realiséieren an dat pro Steuerjoer, drëtens mussen déi zwee Epouxen eng Demande conjointe bei der Steierverwaltung maachen, fir vun der

Imposition collective ze profitéieren, véiertens muss den Epoux non résident seng jährléich Revenue mat Document-probantë beleeden.

Den zweete grouss Volet, Här President, betrëfft d'Contribution Dépendance, déi an der Kompetenz vun der Steierverwaltung läit. Den Artikel 378 vum Code des Assurances sociales gesäit de Prélèvement vun deene Contributions Dépendance duerch d'Steierverwaltung vir. Si betrëfft éischters d'Revenue vum Patrimoine, zweetens d'Revenu-netten aus de Pensiounen oder de Renten am Sënn vum Artikel 96 vum Akommessteiergesetz, an dat mat e puer Ausnahmen.

Wéi den Artikel 378 am Moment libelléiert ass, ass d'Contribution Dépendance och fir déi Persounen ze bezuelen, déi net ënnert de Krees vun de Bénéficiaire vun der Assurance Dépendance falen. Et sinn d'Assuré-volontairen an d'Co-assuréeën. Et war net an der Intentioun vum Législateur, d'Contribution Dépendance bei Persounen ze prélevéieren, déi ni an de Genoss vun der Prestatioun vum der Assurance Dépendance komme sollen. De Gesetzesprojet proposéiert eng Modificatioun vum Artikel 378. Et gëtt präziséiert, datt d'Contribution Dépendance nëmme fir Persounen ass, déi och vun der Assurance Dépendance profitéiere kënnen. Dat heescht, déi, déi géint de Risque de maladie zu Lëtzebuerg assuréiert sinn. De Statsrot ass mat dëser Proposition d'accord.

En anere Volet ass d'Ofännerung vum Artikel 115 vum Akommessteiergesetz, an dat a folgende Punkten: D'Prime de démobilisation, déi d'Zaldoten um Enn vun hirem Déngscht kréien, gëtt steierfräi gemaach; d'Indemnités bénévoles de licenciement gi steierfräi bis zu engem Betrag vu 500.000 Frang pro Entloossung. Och op dësem Punkt, Här President, ass de Statsrot d'accord.

Als Rapporteur hoffen ech, dass dëst Gesetzesprojet eng breet Zoustëmmung an der Chamber fënnt. Ech géif dann och am Numm vun der CSV-Fraktioun den Accord ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur! Éischte Riedner ass den Här Mars Di Bartolomeo.

(Interruption et hilarité)

Den Här Graas ass dono ageschriwwen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ech sinn net do, wou Der mech vermuut hutt, Här Clement.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, ech kann nëmmen dem Rapporteur fir säin exzellenten an explizite Rapport félicitéieren, an ech géif mer erlaben, den Accord vu menger Fraktioun ze iwwerbréngen. Merci!

M. le Président.- Merci, Här Mars Di Bartolomeo! Den Här Calmes huet d'Wuert.

M. Emile Calmes (DP).- Ech géif am Numm vum Här Graas, a virun allem am Numm vun eiser Fraktioun och hei den Accord zu dësem Gesetz bréngen an dem Rapporteur fir säi gudde Rapport félicitéieren.

M. le Président.- Merci, Här Calmes! Dann huet den Här Henckes d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëllen och eisen Accord zu dësem Projet de loi bréngen. Et ass eng richteg Reaktioun op Basis vun dem Arrêt Streff vun der Cour.

M. le Président.- Merci, Här Henckes! Mme Wagener vun de Gréngen.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, mäi Fraktiounschef beopdraagt mech, de Rapporteur ze félicitéieren an ze soen, dass mer dee Projet stëmmen.

M. le Président.- Den Här Bisdorff huet gesot, e géif net schwätzen. Da wiere mer fäerdeg an et wier um Här Statsminister fir am Numm vun der Regierung Stellung ze bezéien, wann Der wëllt.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.- D'Regierung ass mat hirem eegene Projet d'accord, an och mat deenen, déi mat hir d'accord sinn.

(Hilarité)

M. le Président.- Merci, Här Statsminister! Da komme mer zur Lecture vun deene fënnef Artikelen.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Niki Bettendorf)

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugehall.

Wann Der wëllt, da géife mer iwwert de Projet de loi 4780 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass mat 59 Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM.

Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen un den nächste Projet de loi 4858, dee mer eventuell grad esou zügeg evakuéiere kënnen.

(Hilarité)

Et ass deen, dee sech op d'Loi modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée bezitt.

De Rapporteur ass den Här Clement, d'nämlecht wéi bei dem Projet virdrun. Ech huelen un, dass en dat gutt preparéiert huet an datt en eis dat zügeg virdroe kann.

(Hilarité)

Et sinn och e puer Riedner ageschriwwen. Ech géif lech also bieden, léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt mer all am Sall bleiwen, well de Vote imminent ass.

(Hilarité)

4. Projet de loi 4858 modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, ech wäert versiche mech kuerz ze faassen, wéi Dir dat ugekënnegt hutt. Dir Dammen an Dir Hären, den Objet vum Gesetzesprojet 4858, deen haut an der Chamber zum Vote virläit, ass d'Reform vum ofgeännerte TVA-Gesetz vum 12. Februar 1979.

Fir unzefänke wëll ech kuerz e Résumé vum de parlamentareschen Aarbechte maachen. De Projet de loi ass vum Finanzminister ausgeschafft ginn an den 11. Oktober 2001 an der Chamber déposéiert ginn. Den Text ass aviséiert ginn duerch de Statsrot, d'Chambre de l'Agriculture, d'Chambre des Métiers an d'Chambre du Commerce...

(Interruption)

Här President, ech waarden, bis den Här Lux fäerdeg ass, da fueren ech weider.

(Coups de cloche de la Présidence)

D'Finanz- a Budgetskommissioun huet sech mam Gesetzesprojet an deene véier Avisen an zwou Sitzunge beschäftegt. Si huet de schrëftleche Rapport an der Sitzung vum 14. Dezember 2001 ugeholl.

Am mëndleche Rapport deelen ech d'Reform an zwou Partien op. Déi éischt Partie betrëfft d'Transpositioun an eis national Gesetzgebung mat Wierkung zum 1. Januar 2002 vun der Directive 2000-65 CE vum 17. Oktober 2000. Dësen Text betrëfft d'Déterminatioun vum Redevable vum der TVA.

An hirer Kommunikatioun vum 7. Juni 2000, déi un d'Europaparlament an un de Conseil gericht ass, ënnersträicht d'Europäesch Kommissioun hire Wëllen, fir de Fonctionnement vum Marché intérieur kuerzfristeg ze verbessern. Se definéiert sou eng Strategie, déi folgend Objektiv verfolgegt: Et ass éischtens d'Vereinfachung an d'Modernisatioun vun de Regeln, déi haut schonn existéieren; den zweeten Objektiv ass eng méi uniform Applikatioun vun de Regeln; drëttens soll déi administrativ Zesummenaarbecht iwwerschafft ginn. Schlussendlech recommandéiert d'Europäesch Kommissioun am Kader vun der Initiative SLIM, dat heescht Simplification de la législation sur le marché intérieur, fir d'Méiglechkeet an d'Mëttele vun enger Reform vun der fiskalescher Representatioun ze studéieren, eng Reform, déi an der sechster TVA-Directive virgesinn ass.

D'Déterminatioun vum Redevable vum der TVA ass an de Kontext vun der Vereinfachung...

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

...vun deene fiskaleschen Obligatiounen vun de Wirtschaftsakteuren ze setzen. Dës Vereinfachung concerneiert déi europäesch Entreprises, dat heescht d'Entreprises, déi an der Europäescher Unioun etabléiert sinn, an deenen hir Aktivitéiten an engem aneren EU-Land wéi an deem, wou se etabléiert sinn, besteiert ginn. Dobäi ginn haaptsächlech d'Artikelen 26, 66 a 67 vun eiser TVA-Legislatioun ofgeännert.

Een Haaptpunkt ass, datt d'Désignatioun vum Représentant-fiscal-Responsablen net méi duerch de Stat imposéiert ka ginn. Et ass elo un den Entreprises selwer, fir dësse Choix ze maachen. D'Stat kënnen awer d'Désignatioun vun deem Représentant fiscal imposéieren, wann den Assujetti net an hirem Land etabléiert ass a wann hie Ressortissant vun engem Land, dat keen equivalenten Accord mat Lëtzebuerg ofgeschloss huet, ass; Accorden, wéi se iwwerall an der Europäescher Unioun bestinn. Dat ass haaptsächlech de Fall fir d'Entreprises, déi an Drëttlänner etabléiert sinn.

En anere Punkt betrëfft d'Kautioun oder d'Lettre de garantie, déi d'Steierverwaltung vun den Débiteur aus Drëttlänner verlaange kann. Si soll d'Bezuele vun Taxen an Amendé garantéieren. Weiderhin muss déi Obligatioun an engem Zäitraum vun engem Mount, dee vun der Demande uleeft, exekutéiert ginn.